LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

Le Ministre de la Défense

Luxembourg, le 22 MARS 2019

Dossier suivi par:
Alex RIECHERT
Tél.: 247-82831
E-mail: alex.riechert@mae.etat.lu

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
25 MARS 2019

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation

L-2450 LUXEMBOURG

n. réf.: A37.409.19

Objet : Question parlementaire n°487

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse à la question parlementaire reprise sous rubrique.

Je vous prie de croire, Monsieur le Ministre, à l'expression de mes sentiments très distingués.

François Bausch
Ministre de la Défense

Äntwert vum Här François Bausch, Verdeedegungsminister, op déi parlamentaresch Ufro n°487 vum 12. Mäerz 2019 vum Här Deputéierte Sven Clement

Zur 1. Fro:

De GIAL ëmfaasst aktuell Funktionalitéiten am Beräich Logistik (Gestioun vun de Stocken, Allocatioun vum Material, Akaf, asw.) a Personal (Identifikatioun, Präsenz & Congé, Affektatioun, Carrière, Discipline, Rekonversioun, asw.). All des Funktionalitéite sollen an Zukunft och weiderhi verfügbar sinn a mussen esouguer, a Funktioun vun der Ausriichtung vun der Arméi, kënnen ausgebaut ginn.

Zur 2. Fro:

Genau an dësem Moment leeft eng Etüd fir ze determinéieren ob de GIAL mat all oder engem Deel vu senge Funktionalitéiten ersat muss ginn a wann jo, duerch wat fir ee System. Et gouf deemno bis dato nach keng Decisioun geholl ob de GIAL ersat soll ginn oder ob een neie System soll *en place* gesat ginn. Sollt d'Decisioun an d'Richtung vun engem neie System goen, da wäert déi Acquisitioun ënnert den Dispositioune vum Gesetz iwwert d'*Marchés publics* vum 8ten Abrëll 2018 ofgewéckelt ginn.

Zur 3. Fro:

De GIAL gouf Enn 2002 implementéiert mat engem Volet fir d'Gestioun vun der Logistik. Am Laf vum Joer 2006 koum dunn de Volet fir d'Gestioun vum Personal derbäi. Eréischt am Joer 2010 war d'Léisung komplett mat alle Funktionalitéiten esou wéi se haut existéieren. Am Rapport 2018 vun der Arméi, dee momentan nach net publizéiert ass, steet detailléiert dra wat de GIAL bis zeréck op 2010 kascht huet. Do ass erauszeliesen dass den Duerchschnëtts-Joreskäschtepunkt an de Joren 2010 bis 2017 fir Developpement bei 291.984,07 Euro TTC a fir Maintenance bei 194.631,79 Euro TTC louch. Am Joer 2018 louchen d'Käschte fir Maintenance bei 201.093,77 Euro TTC a fir Developpement bei 104.393,31 Euro TTC.

Zur 4. Fro:

Fir d'Joer 2019 läit de Maintenance & Developpement Budget vum GIAL bäi 476.183 Euro TTC a weider 490.000 Euro TTC sinn ageplangt fir d'Joer 2020. Et ass momentan nach net kloer wat doriwwer eraus als Budget muss ageplangt gi well d'Resultat vun der Etüd (cf. eis Äntwert op déi 2. Fro) nach net virläit.